**ATTEN Alain** (1938 - ) (Grand Duché de Luxembourg) originaire de Esch, ancien archiviste aux Archives de l'Etat. Animateur bien connu de « Sprochmates » sur radio RTL Lëtzebuerg.

Auteur entre autres de pièces de théâtre : « Den ongefléifte Gaascht », « Dem Keser seng schro Nuecht », Märr ginn op de Bock », « Feier am Stréi », « Iwwert eis Kraaft », « Till Eilenspigel », « De Ligebarong », « D'Jonggesellekëscht » ; ainsi que de livres d'histoire « Lëtzebuerger Soën », « Lëtzebuerg, mäi Billerbuch », « Eisen Hierscht vun onstgëscht », de la poésie : « D'Sauer an » ; biographie : « Eisen Dicks, Sprochmates a Folklorist ».

**De Schrack am Är**

Wann et hënt esou rose viruschneit
Da fréiert de Kueben de Schniewel
All gudde Stouss Trëmmelwand geheit
Eng Rafecht Glëtz laascht de Giewel.

Eis Auer schuddert sech an der Kastoud;
't léiss keen Hond hannrem Uewe sech zecken.
D'Guet näipt iwwer d'Stréck, an dem Éim séng Pout
Kritt knaps den Tromp-Äss op d'Decken.

An d'Mamm spëtzt d'Ouren: Kraacht do eng Fou
Odder gët un der Klensch gefréckelt ?
Do huet jo nët een der d'Dir zougeschlou,
Datt de Gapp vum Diischelt bréckelt –

Wie kënnt do ran ? ,t sall äis dach keen
D'Äppelklatz aus dem Schäffchen huelen ?
Do wäscht e sech d'Hänn well um Waassersteen:
'T as de Papp. Stetz de Biz op d'Kuelen.